



Madamm Teresa MONTEIRO

Gemengeconseiller

30, route de Longwy

L-4750 PETANGE

Referenz :2024.63520.SECR

Péteng, den 8. November 2024

Betreff: Är Froe vum 1. Oktober 2024

(Den Dossier gëtt bearbecht vum Här Christophe Ferreira - Tel. : 50 12 51 – 3053)

Madamm Teresa Monteiro,

An Ärem Bréif vum 1. Oktober 2024, deen der Gemengeverwaltung per Email den 8. Oktober 2024 zougestallt gouf, stellt Dir dem Schäfferot folgend Froen :

Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,

Parkhaus "bei der Eil" ass a Betrib, an dat ebenfals a punkto Parkhauskäschten.

Am September 2024, si déi eng an der aner Observatioune gemaach gi, dat verschidde Visiteuren ze héisch Parkhauskäschten haten. Héisch Zomme vun an déi 70€ a méi si ze bekloen. Et ass drophinnzeweisen, dat déi héisch Parktickenen no engem regulärem Openthalt vun e puer Stonnen entstanen sinn.

An deem Zesammenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech lech folgend Froe stellen:

- 1. Ass d'informatesch Struktur am Virfeld op eventuell Problemer getest ginn?*
- 2. Wéi laang war den Zäitraum a wéi vill Tester sinn insgesamt gemaach gi, fir sécher ze stellen dat den informatesche Betribssystem funktionéiert?*
- 3. D'Firma déi Sous-traitance vum Parkhaus mëscht, si déi a Kenntnis gesat gi, dat Parkschéiner aggravéierent feelerhaft sinn?*
- 4. Kréie Visiteuren d'Suen rembourséiert déi iwwert den eigentlechen Montant de Payement erausgangen si?*
- 5. Si d'Problemer mëttlerweil geléist, déi zu feelerhaften Parkschéiner gefouert hu?*

Mat Respekt,

*Teresa Monteiro
Gemengeconseiller*

